



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

D'Personalvertriedung vum SREL ass virun e puer Deeg mat enger Pressematdeelung (COMMUNIQUÉ CONCERNANT LA RÉFORME DU RÉGIME DE LA PROTECTION DES PIÈCES CLASSIFIÉES) un d'Éffentlechkeet getrueden, an deem si, ënnert anerem, op eng Rei vu Faiten higewisen huet, déi kéinte Sécherheetsproblemer duerstellen, respektiv wou Lëtzebuerg seng international Obligatiounen am Sécherheetsberäich net géing respektéieren.

Wéi sensibel esou Froe sinn, bei deenen d'Credibilitéit an den internationale Ruff vun eisem Land um Spill stinn, gesi mir jo ëmmer nees am Kontext vun esou Diskussiounen, wéi si z.B. ronderëm eis Finanzplaz geféiert ginn.

Den Accès zu Informatiounen, déi fir eis Diplomatie, eis Sécherheet an eis Ekonomie extrem wichteg sinn, z.B. am Kader vun der NATO, der EU, der ESA, an esou weider, däerfe mir kengesfalls op d'Spill setzen.

Der genannter Personaldelegatioun no ass ee Krittär an deenen internationale Konventiounen – déi mir an deem Beräich ofgeschloss hunn –, datt de SREL oder d'ANS, déi mat den Habilitatiounsenquêtë chargéiert sinn, mussen Zougang zu der „Partie documentaire“ vun de Policefichieren hunn, fir déi virgeschriwwe Kontrolle kënnen ze maachen. No Ausso vun der Personalvertriedung ass dat zënter 2016 awer net méi de Fall.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Premierminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Staatsminister dat confirméieren? Ass et korrekt, datt zënter 2016, de SREL net den néidegen Accès op d'Policedatebank (partie documentaire) huet, fir d'Enquêtes de sécurité konform zum „Accord de sécurité“ vun der NATO duerchzuféieren?
2. Wa jo, ass d'Regierung sech bewusst, datt dëst net kompatibel mat eisen internationalen Obligatiounen ass?

3. Ass d'NATO iwwert déi Ännerung an eiser Legislatioun informéiert ginn?
4. Ass den Net-Zougang zu der „Partie documentaire“ vum Policefichier scho bei NATO Inspektiounen thematiséiert ginn? Wéini war déi lescht Inspektioun an deem Sënn?
5. Kann d'Regierung garantéieren, datt an Zukunft all international Sécherheetsobligatiounen agehale ginn, fir datt den Zougang vu Lëtzebuerg zu klassifizéierten Informatiounen net op d'Spill gesat gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten